**Nationalfeierdag**

Wou ech gefrot gouf, fir haut kuerz eppes ze soen iwwert den Nationalfeierdag (am Zesummenhang mat de Jugendlechen a menger Funktioun als Präsidentin vum Schëfflenger Jugendhaus), hunn ech mir fir d'éischt d'Fro gestallt, wat Nationalfeierdag iwwerhaapt fir mech bedeit.

Dat éischt, wat mir agefall ass, war d' Virfreed, déi ech all Joer fir d' Festlechkeete verspieren.

Mir fält all Joer nees op, dat d' Suergen an den Alldagsstress, déi een sou huet, fir déi zwee Deeg kennen op d' Säit geluecht ginn, fir eppes Positives ze feieren. Et ass net net nëmmen de Groussherzogleche Gebuertsdag mee d' Land selwer wat gefeiert gëtt.

Sou ass dësen Owend all Joer bestëmmt vu Freed, Musek, Danz, Iessen a vill Laache mat Famill, Kolleegen, Noperen a Matbierger. An ech mengen, dat ech als Auslännerin an zweeter Generatioun genau den Aspekt vum Mateneen hei am Land schätzen. Den Nationalfeierdag ass net nëmmen en Dag fir Lëtzebuerger, mee och fir all auslännesche Matbewunner an och Leit, déi einfach als Touristen op Lëtzebuerg kommen, fir eist Land vu senger beschter Säit ze gesinn. Opfälleg ass et, dat jidderee matenee feiert an all Ënnerscheeder ënnerteneen ewechfalen.

Leider ass dat dëst Joer opgrond vun der Pandemie e bëssen anescht, an awer spiert een den Zesummenhalt vun de Leit, och wann d' Festlechkeeten am méi klenge Kader ausfalen.

Et sinn awer net nëmmen déi verschidden Natiounen, déi zesumme feieren, mee och déi verschidde Generatiounen. Et ass en Dag souwuel fir Jonk wéi och Al, fir Grouss a Kleng. Sou eng generatiounsiwwergräifend Feier verbënnt och all Matbierger, Jonk an Al kennen sech kenneléieren, sech besser verstoen a matenee liewen. Grad hautdesdaags, wou ee mengt, déi verschidde Generatiounen hätten näischt gemeinsam, ass et wichteg zesummen ze kommen a mateneen en Dag wei haut ze feieren. D' Schëfflenger Gemeng huet dat awer net nëmmen haut fäerdeg bruecht fir verschidde Generatiounen a Natiounen zesummen ze bréngen.

Ech hat mat menger ganzer Famill d'Éier genau hei an der Schëfflenger Gemeng den Zesummenhalt, de Lëtzebuerg ausmëscht, ze erliewen. Duerch déi generéis Hëllef an Ënnerstëtzung vum Buergermeeschter an der ganzer Equipe vun der Gemeng a ville Benevolle konnte mir den 8. Februar eng Spendenaktioun fir Stammzelle fir de Rizo, organiséieren.

816 nei Spender hunn sech den Dag registréiere gelooss a wäerten sou bestëmmt iergendwann mindestens engem Mënsch d' Liewe retten. Och wann dem Rizo säi Spender net ënnert deenen 816 war, huet hien déi iwwerwältegend Solidaritéit vu senge Gemengekollegen a Matbierger gespuert, wat him zousätzlech Kraaft ginn huet. Am Numm vu menger ganzer Famill a virun allem dem Rizo soen ech dem Buergermeeschter, senger ganzer Equipe an de Benevolle Merci!

Zesumme gouf hei zu Schëffleng mindestens e Liewe gerett an och zesumme wäerte mir alleguer dees Corona-Pandemie iwwerstoen an nächst Joer dann hoffentlech zesummen am grousse Kader a mam traditionelle Freedefeier feieren.

Merci!